



Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 08/07/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Am Kader vun engem Gesetzesprojet zu de Busser vum CFL gouf an der Chamber och iwwert den TICE geschwat. Et goufen dozou och Motioune virgeluecht, déi awer vun der Majoritéit ofgeleent goufen. An den Diskussiounen zu enger Motioun goug et och ëm den Alter an den Amortissement vun de Busser vum TICE.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi al sinn d'Busser vum TICE (opgeléscht pro Bus)?
2. Ab wéi engem Alter ginn d'Busser beim TICE aus dem Service geholl?
3. Wéi al ass den eelste Bus, deen am Moment nach vum TICE benotzt gëtt? Wéi al ass de jéngste Bus, deen am Moment nach vum TICE benotzt gëtt?
4. Bis wéini ass geplangt, dass d'Busser aus der aktueller Flott sollen a Benotzung bleiwe respektiv bis wéini soll de neiste Bus aus der aktueller Flott vum TICE fir den Transport vu Persoune genotzt ginn?
5. Wéi héich wäert viraussichtlech de Käschtepunkt fir eng komplett Erneuerung vun der Busflott mindestens sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten

